PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:47, 30/04/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Aktuell suergt d'Nominatioun vun der neier BNL-Directrice fir Oprou queesch duerch d'politesch Landschaft. De Virworf vum Favoritismus steet am Raum.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Envisagéieren déi Häre Ministeren, fir an Zukunft anonymiséiert Kandidaturen zum neien Standard bei de Rekrutementsprozeduren ze maachen, déi onofhängeg vum Numm, dem Geschlecht oder der politescher Orientéierung vun der Persoun consideréiert kéinte ginn?

2. Wéi gedenken déi Häre Ministeren d'Vertrauen an de Staat, wat duerch déi grave Virwërf vu Klientelismus, Nepotismus oder Favoritismus méiglecherweis geschiedegt gouf, bei de Biergerinnen a Bierger erëm gutt ze maachen ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

Réf. : mfp_832x11330

Dossier suivi par :
FRANCK Nathalie
Tél. : 247-83097

REÇU
Par Alff Christian , 16:12, 04/06/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation

Luxembourg, le 04 JUIN 2020

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 2121 du 30 avril 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant les procédures de recrutement dans la fonction publique

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n° 2121 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique

Marc Hansen

Äntwert vum Här Minister fir d' Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n°2121 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d' Rekrutementsprozedure beim Staat.

De Centre de compétences RH vum Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) organiséiert de Rekrutement vun de Staatsbeamten, no de Konditiounen a Modalitéite vum Groussherzogleche Reglement vum 30. September 2015 iwwert den Examen-Concours. Am Artikel 10 Alinéa 3 steet dass d' Anonymat vun de Kandidate garantéiert ass ("*Le président arrête les mesures nécessaires pour garantir l'anonymat des candidats et assurer le secret des tests et des délibérations*"). Weiderhi steet am Artikel 10 Alinéa 9 dass d'Evaluatioune vun deene verschiddenen Tester och standardiséiert an anonym sinn. Den Anonymat ass also schonns de Standard bei der éischter Etapp vum Astellungsprozess vun de Staatsbeamten.

Direktiouns-Posten déi ënner d'Gesetz vum 9. Dezember 2005 iwwert d'Nominatioun vun enger fonction dirigeante falen, ginn net iwwert den Examen-Concours rekrutéiert. Sou präziséiert d' Gesetz Folgendes a sengem Artikel 2 Alinéa 4 „*Les nominations prévues au présent article s'effectuent, le cas échéant, en dehors des conditions d'examen-concours, de stage et d'examen de fin de stage....* ». Weiderhi steet nach am Artikel 1 vun dësem Gesetz « *Les fonctionnaires nommés à une fonction dirigeante. doivent faire preuve des compétences de direction et d'encadrement requises pour l'exercice de leurs fonctions* ». Eventuell weider Conditiounen, wéi zum Beispill eng Formatioun an engem spezifesche Beräich, kënnen nach am Kadergesetz vun der respektiver Administratioun stoen.

D' Fonction publique a sämtlech Prozesser am Beräich vum Rekrutement sinn an deene leschte Jore moderniséiert a professionaliséiert ginn. De Centre de compétences des Ressources Humaines vum CGPO hëlleft den Administratioune bei hirem Rekrutementsprozess a stellt international unerkannten Tester zur Verfügung fir de Kandidat, deen am beschten dem gesichte Profil entsprécht, kënnen ze sélectionéieren.

Nieft der Gestion par objectifs, déi am Artikel 4 vum Statut vun de Staatsbeamte verankert ass, dréit also d' Professionaliséiere vun der Gestioun vum Personal och maassgeeblech dozou bäi d'Vertraue vun de Bierger, an den Entreprisen, an de Staat an a seng Beamten ze stäerken.